

UNIVERSAL - DEKLARATIOUN VUN DE MËNSCHERECHTER

PRÄAMBEL

Well d'Unerkennung vun der Dignitéit, déi all Mëmber vun der Mënschefamill gebuer as, a vu sénge gläichen an onersetzleche Rechter de Fëllement vun der Fräiheet, der Gerechtegkeet an dem Fridden an der Welt as,

Well et do, wou d'Mënscherechter nët unerkannt an nët respektéiert gin, zu barbareschen Akte koum, déi d'Gewësse vun der ganzer Mënschheet revoltéieren a well d'Schafe vun enger Welt, an deer d'Mënschen d'Fräiheet vum Wuert a vum Glaf hun, an deer se fräi si vu Fuurcht an Nout, als dem Mënsch säin héchst Striewe proklaméiert gouf,

Well et haaptsächlech drëm geet fir duerch e Rechtssystem Hand iwwer d'Mënscherechter ze halen an datt de Mënsch doduerch nët forcéiert gët fir säi leschten Auswee an der Revolt géint d'Tyrannie an d'Ënnerdréckgin ze sichen,

Well et haaptsächlech drëm geet fir d'Entwécklong vun de frëndschaftleche Relatiounen tëscht den Natiounen z'encouragéieren,

Well an der Charta d'Vëlleker vun de Vereenten Natiounen op en Neits hire Glaf an d'Grondrechter vum Mënsch, an d'Dignitéit an an de Wäert vun der mënschlecher Persoun, an d'Gläichheet vun de Rechter vu Mann a Fra proklaméiert a sech dofir entscheed hu fir dem zoziale Fortschrëtt de Virzock ze gin a besser Lieweskonditiounen a méi enger grousser Fräiheet ze schafen,

Well d'Mëmberstate sech verpflichtet hu fir an Zesummenaarbecht mat der Organisatioun vun de Vereenten Natiounen dofir ze suergen, datt d'Mënscherechter an d'Grondfräiheten allgemeng respektéiert a realiséiert gin,

Well eng an déi selwecht Opfaassung iwwer dës Rechter a Fräiheten aus der Mooss wichteg as fir dëst Engagement voll a ganz kënnen duerchzeféieren,

PROKLAMÉIERT D'GENEROLVERSAMMLONG:

Dës UNIVERSAL-DEKLARATIOUN VUN DE MËNSCHERECHTER, déi als en allgemengt Ideal vun all Vollek an all Natioun soll ugestrieft gin aus deem Grond, datt all eenzele Mënsch an all Organ vun der Gesellschaft, ëmmer am Geescht

vun dëser Deklaratioun, sech ustrenge fir duerch den Unterrécht an d'Erzéiung de Respekt vun dëse Rechter a Fräiheten z'entwécklen an no an no duerch Mesüeren um nationalen an internationale Plang hir Unerkennung ze sécheren, datt d'Populationen aus de Mëmemberstate selwer an déi aus Gebitter, déi ënner hirer Geriichtsbarkeet stin, en allgemengen a gudde Gebrauch dervu kënnen maachen.

Artikel 1

All Mënsch kënn fräi a mat deer selwechter Dignitéit an dene selwechte Rechter op d'Welt. Jiddereen huet säi Verstand a säi Gewësse krut an soll an engem Geescht vu Bridderlechkeet denen anere géintiwwer handelen.

Artikel 2

Jidderee kann all déi Rechter an all déi Fräiheten, déi an dëser Deklaratioun proklaméiert sin, fir sech verlaangen an dat ouni Ënnerscheed sief et vu Rass, Hautfaarf, Geschlecht, Sprooch, Relioun, politesche odder anerer Iwwerzegong, nationalem odder zozialem Urspronk, Verméigen, Gebuert odder soss enger Situatioun. Et duerf do dernieft och keen Ennerscheed gemat gin, dee mam politeschen, rechtlichen odder internationale statut vun deem Land odder deem Gebitt begrënnt gët, aus deem eng Persoun hierstaamt, egal ob dëst Land odder dëst Gebitt onofhängeg, ënner engem Mandat, nët autonom odder séng Souveränitéit an irgendenger Form begrenzt as.

Artikel 3

All Mësch huet Recht op d'Liewen, op d'Fräiheet an op d'Secherheet vu sénger Persoun.

Artikel 4

Kee Mënsch darf a Sklaverei odder a Kniechtschaft gehal gin; d'Sklaverei an de Sklavenhandel sin an all hire Forme verbueden.

Artikel 5

Keen duerf gefoltert an och kee grausam, onmënschlech, onwiirdeg bestrooft a behandelt gin.

Artikel 6

Jiddereen huet iwwerall d'Recht op Unerkennung vu sénger juristescher Perséinlechkeet.

Artikel 7

D'Mënsche sin alleguer gläich virum Gesetz a si hun ouni Ënnerscheid Recht op dee selwechte Schutz vum Gesetz. Alleguer hu se Recht op dee selwechte Schutz géint all Diskriminatioun, déi dës Deklaratioun géing verletzen a géint all Provokatioun zu esou enger Diskriminatioun.

Artikel 8

All Mënsch huet d'Recht fir bei denen zoustännegen nationale Geriichter en effektive Recours géint déi Akten ze man, déi d'fundamental Rechter, déi him duerch d'Konstitutioun odder duerch d'Gesetz zoustin, verletzen.

Artikel 9

Kee Mënsch duerf arbiträr verhaft, agesat odder ausgewise gin.

Artikel 10

All Mënsch huet d'Recht, a voller Gläichheet, datt séng Saach, säin Uleies gerecht an öffentlech virun engem onofhängegen an onparteiesche Geriicht zur

Sprooch kënnt, dat iwwer séng Rechter a Flichten an iwwer d'Berechtegong vun all Uklo, déi a Strofsaache géint e gefouert gët, entscheet.

Artikel 11

1. All Mënsch, dee wéinst engem strofbaren Akt ugeklot gët as esou laang als onschëlleg unzegesinn, bis séng Schold gesetzlech an am Verlaf vun engem öffentleche Prozess nogewisen as, an deem e mat Sécherheet op all néideg Garantië fir séng Verdedegong konnt rechnen.
2. Keen duerf veruurtelt gi fir Saachen, déi e gemat odder ënnerlooss huet, déi an deem Ament, wou dat geschitt as, no nationalem an internationalem Recht keng strofbar Akte woren. Och duerf kee méi eng héich Strof kréie wi déi, déi an deem Ament applizéiert gouf, an deem de strofbaren Akt geschitt as.

Artikel 12

An enger Persoun hiirt Privatliewen, hir Famill, hir Wunnéng odder hir Korrespondenz duerf sech nët arbiträr agemëscht, an hir Eier an hire gudde Ruff och nët ugetaascht gin. All Mënsch huet d'Recht op de Schutz vum Gesetz géint esou en Amëschen an Untaaschten.

Artikel 13

1. All Mënsch huet d'Recht fir fräi bannent de Grenze vun all Stat ze zirkuléieren a séng Residenz ze wielen.
2. All Mënsch huet d'Recht fir all Land ze verloossen, och säin egent, an nees a säi Land heemzekommen.

Artikel 14

1. All Mënsch huet d'Recht fir, wann e verfollegt gët, Asyl an anere Länner ze sichen a Gebrauch dovunner ze maachen.

2. Op dëst Recht ka sech nët beruff gin am Fall vun Ukloen, déi reell op engem Verbrieche vum allgemenge Recht an op Handlonge fundéieren, déi géint d'Ziler an d'Grondsätz vun de Vereenten Natioune verstoussen.

Artikel 15

1. All Mënsch huet d'Recht op eng Nationalitéit.
2. Séng Nationalitéit duerf kengem Mënsch arbiträr entzu gin, och nët dat Recht fir séng Nationalitéit ze changéieren.

Artikel 16

1. Wa Mann a Fra am Alter si fir sech ze bestueden, hu se d'Recht fir dat ze maachen an eng Famill ze grënnen ouni iirgendeng Restriktioun wat d'Rass, d'Nationalitéit odder d'Relioun ugeet. Si hu beim Bestiednes, am Bestiednes a bei sénger Opléisong déi selwecht Rechter.
2. D'Bestiednes duerf nëmme mat der fräier a voller Awëllegong vum Brautpuer geschloss gin.
3. D'Famill as dat natiirlecht a fundamentaalt Element vun der Gesellschaft a si huet d'Recht op de Schutz vu Gesellschaft a Stat.

Artikel 17

1. All Mënsch huet d'Recht, eleng an och mat aneren zesummen, op Eigentom.
2. Säin Eigentom duerf kengem Mënsch arbiträr entzu gin.

Artikel 18

All Mënsch huet d'Recht op Gedanke-, Gewëssens- a Reliounsfräiheet; an dësem Recht mat dran as d'Fräiheet fir séng Relioun odder séng Iwwerzegong ze änneren, grad esou wéi d'Fräiheet fir séng Relioun a séng Iwwerzegong eleng

odder mat aneren ze manifestéieren, sief et an der Öffentlechkeet odder privat, duerch den Unterrécht, d'Praktizéieren, de Kultus an d'Feiere vu Riten.

Artikel 19

All Mënsch huet d'Recht op eng fräi Menong a fir se fräi auszedrécken, an deem och d'Recht mat dran as op eng Menong fräi vu Furcht an dat Recht fir Informatiounen an Iddiën ze sichen, ze kréien an ze verbrede mat all dene Mëttele fir sech auszedrécken, déi et gët an ouni sech mussen u Grenze vu Länner ze halen.

Artikel 20

1. All Mënsch huet d'Recht op Versammlungs- a Verenegongsfräiheet am friddleche Sënn.
2. Keen duerf an eng Verenegong gezwong gin.

Artikel 21

1. All Mënsch huet d'Recht fir un den öffentlechen Ugeleënhete vu séngem Land matzewirken, sief et direkt odder duerch fräi gewielt Verrieder.
2. All Mënsch huet d'Recht fir ënner gläiche Konditiounen an d'öffentlech Fonktione vu séngem Land eranzekommen.
3. De Vollekswëllen as d'Grundlag vun der Öffentlecher Gewalt hirer Autoritéit; dee Wëlle muss sech an éierleche Walen, déi periodesch ofzehale sin no engem gläichen an allgemenge Walrecht, a geheime Walen odder an enger gläichwäerteger Prozedur, déi fräi Wale garantéiert, auszedrécken.

Artikel 22

All Mënsch huet als Mëmber vun der Gesellschaft d'Recht op zozial Sécherheet; en as berechtigt fir an de Genoss vun de wirtschaftlechen, zozialen a kulturelle

Rechter ze kommen, déi fir séng Dignitéit an d'fräi Entwécklong vu sénger Perséinlechkeet néideg sin, dat alles duerch en nationalen Effort an eng international Zesummenaarbecht an an engem Mooss, wéi d'Organisatioun an d'Ressource vun all Land et ausweisen.

Artikel 23

1. All Mënsch huet d'Recht op Aarbecht, op d'fräi Wiel vu sénger Aarbecht, op Aarbechtkonditiounen, déi gerecht sin an zefridde stellen an op de Schutz géint de Chômage.
2. Jiddereen huet ouni Diskriminatioun d'Recht op de selwechte Loun fir déi selwecht Aarbecht.
3. Jiddereen, dee schafft, huet d'Recht op e gerechten an ordentleche Loun, deem him selwer a sénger Famill eng Existenz op der Basis vun der mënschlecher Dignitéit séchert an deem, wann néideg, duerch all aner sozial Mesüre gestäipt gët.
4. All Mënsch huet d'Recht fir mat anere Leit Berufsorganisatiounen ze grënnen a fir séng Intressen ze verdedegen dranzegoen.

Artikel 24

All Mënsch huet d'Recht op Rou a Fräizäit a besonnesch op eng rësonnabel begrenzten Dauer vun der Aarbechtszäit an op periodeschen a bezuelte Congé.

Artikel 25

1. All Mënsch huet d'Recht op e Liewesniveaun, deem duergeet fir him selwer a sénger Famill d'Gesondheet an d'Gutt-Ergoen, besonnesch d'Narong, d'Kleder, d'Wunneng, d'medezinesch Fleg an déi néideg sozial Déngschter ze garantéieren; en huet d'Recht op Sécherheet am Fall vu Chômage, Krankheet, Invaliditéit, als Witfra odder Witmann, am Alter an

an anere Fäll, wou en d'Mëttele fir säi Liewesënnerhalt nët méi huet duerch Ëmstänn, déi onofhängeg si vu séngem Wëllen.

2. Mamm a Kand hun d'Recht op speziell Hëllef a Bäistand. D'Kanner alleguer, ob se am odder nët am Bestiednes gebuer gin, kommen an de Genoss vun deem selwechten zoziale Schutz.

Artikel 26

1. All Mënsch huet d'Recht op Bildung. Den Unterrécht muss op d'mannst fir d'Elementar- an d'Grondschoole gratis sin. Den Elementarunterricht as obligatoresch. Den techneschen an de Beruffsunterricht musse verallgemengert sin. Den héiere Studium muss jidderengem mat dene selwechte Rechter an op der Basis vu sénge Leeschtungen opstoen.
2. D'Bildung soll déi voll Entwécklung vun der mënschlecher Perséinlechkeet a méi e grouse Respekt vun de Mënscherechter an de Grondfräiheten uviséieren. Si soll de Versteesdemech, d'Toleranz an d'Frëndschaft tëscht allen Natiounen an alle Gruppe vu Rassen a Reliounen grad esou favoriséiere wéi d'Entwécklung vun de Vereenten Natiounen hiren Aktivitéite fir d'Erhale vum Fridden.
3. D'Elteren hu virewech d'Recht fir de Genre vun de Kanner hirer Bildung ze wielen.

Artikel 27

1. All Mënsch huet d'Recht fir fräi un der Kommunikatioun hirem kulturelle Liewen deelzehuelen, an de Genoss vun der Konscht ze kommen a vum wësseschaaftleche Fortschrëtt a vun allem, wat sech doraus u Guddem ergët, ze profitéieren.
2. Jiddereen huet d'Recht op de Schutz vun de moraleschen a materiellen Intressen, déi aus jidder wësseschaaftlecher, literarescher odder artistescher Produktioun entstinn, vun deer hien den Auteur as.

Artikel 28

All Mënsch huet d'Recht op eng zozial an international Uerdnong, an deer sech déi Rechter a Fräiheten, déi an dëser Deklaratioun opgezielt gin, voll kënnen auswiirken.

Artikel 29

1. All Mënsch huet Flichte vis-à-vis vun der Kommunitéit, an deer eleng déi fräi a voll Entwécklong vu sénger Perséinlechkeet méiglech as.
2. Am Gebrauch vu sénge Rechter an am Genoss vu sénge Fräiheten as jiddereen nëmmen dene Limiten ënnerworf, déi d'Gesetz eenzeg an eleng dofir virgesäit, datt d'Unerkennung an de Respekt vun aneren hire Rechter a Fräihete gesechert sin a fir engem gerechten Ussproch op Moral, op öffentlech Uerdnong an op en allgemengt Wuel an enger demokratescher Gesellschaft z'entsprechen.
3. Dës Rechter a Fräiheten duerfen a kengem Fall am Widdersproch mat de Vereenten Natiounen hiren Ziler a Prinzippe stoen.

Artikel 30

Keng Bestëmmong vun dëser Deklaratioun duerf esou ausgeluegt gin, datt e Recht fir e Stat, eng Grupp odder en eenzele Mënsch dra wär fir sech un Aktivitéiten ze gin odder Akten duerchzeféieren, déi drop erauslafe fir d'Rechter an d'Fräiheten, déi dra genannt sin, ëmzestoussen.